Du Litty Do

De Musical fir dem Pierre-Toussaint Stefani säin 150ste Gebuertsdag

13., 14. a 15. Mee 2022 am Trifolion

Schoulgemeinschaft vum Iechternacher Kolléisch

Léif SchülerInnen, léif Enseignanten an technesch Personal, léif Ancienen, léif Elteren, léif Frënn vum Iechternacher Kolléisch

De Museksdepartement an d'Direktioun vum Iechternacher Kolléisch si frou an zouversiichtlech, Iech mat dësem Schreiwes kënnen anzelueden, beim nächsten LCE Musical am Mee 2022 am groussen **LCE Musical Chouer** matzesangen.

De Litty (Pierre-Toussaint Stefani, 1872-1932) war an der Zäit ronderëm den Éischte Weltkrich de wuel bekanntsten Ënnerhalungskënschtler zu Lëtzebuerg.
Vill nei Lidder aus der Zäit (z.B. vum Poutty Stein) mécht hien duerch seng jovial an adrett Aart a Weis am ganze Land, bäi Jonk an Al, bekannt.

Oft gëtt hie bei sengen Optrëtter op der Schubermëss, an de Café-Chantants, an den Hoteler vu senger Duopartnerin Bobby (Victorine Chalois) begleet.

Dem Litty säi Liewe gëtt begleet duerch politesch a geschichtlech markant Ereegnisser zu a ronderëm Lëtzebuerg, déi och säi Wee ëmmer erëm beaflossen an nei ausriichten: opkommend Stolindustrie, Auswanderungen, Schoulpflicht, Paul Eyschen, Cabaretszeen, 1. Meedercherslycée, Éischte Weltkrich, Fraewalrecht ,1920er Joren a Wirtschaftkris.

Geschichtlech Ereegnisser gi mat Hëllef vun originalen, passende Lëtzebuerger Lidder aus der Zäit verdäitlecht.

Nei Kompositioune fir Solo, Chouer an Orchesterche ginn op biografesch Aspekter vum Litty an.

Dem Litty säi Liewe fält méi oder wéineger mat der Stommfilmzäit zesummen. D'Dialoge gi projezéiert, wéi et an de Stommfilmer üüblech war. Och instrumental Passagë vum Litty-Kinosorchesterche begleeden d'Haaptduersteller.

Nieft der kënschtlecher Ausriichtung verfollegt de Musical och e pädagogeschen Zweck: e Sträifzuch duerch eng spannend Zäit vun der Lëtzebuerger Geschicht an d'kontextuellt Kenneléieren a Verstoe vun engem Deel vun der Lëtzebuerger Lidderkultur.

De Musical vermëttelt den Interpreten an dem Publikum en Androck vum landbekannten Entertainer a senger Zäit zu Lëtzebuerg.

Mellt Iech w.e.g. virum 15. September 2021 iwwert d'Email Adress litty@lce.lu un.

Vergiesst w.e.g. net Är Stëmmlag an Är Postadress unzeginn.

Mat gréisster Virfreed, Iech erëmzegesinn a mat Iech ze musizéieren! *Monique, Jean-Marie a Georges*

Proufplang ‘Du Litty Do’

D’Prouwe fänken no der Fuesvakanz (12.02.2022-20.02.2022) un:

Woch I	dënschdes	22.02.2022	19:00	Spigelsall
Woch I	donneschdes	24.02.2022	19:00	Spigelsall
Woch II	méindes	28.02.2022	19:00	Spigelsall
Woch II	mëttwochs	02.03.2022	19:00	Spigelsall
Woch III	donneschdes	10.03.2022	19:00	Spigelsall
Woch IV	dënschdes	15.03.2022	19:00	Spigelsall
Woch V	dënschdes	22.03.2022	19:00	Spigelsall
Woch V	donneschdes	24.03.2022	19:00	Spigelsall
Woch VI	méindes	28.03.2022	19:00	Spigelsall
Woch VI	mëttwochs	30.03.2022	19:00	Spigelsall

Woch VII/VIII 02.04.2022-18.04.2022 Ouschtervakanz

Woch IX Proufweekend: 23., 24.04.2022 10:00-13:00 14:30-17:00 Spigelsall

Woch X	mëttwochs	27.04.2022	19:00	Spigelsall
Woch X	donneschdes	28.04.2022	19:00	Spigelsall
Woch XI	dënschdes	03.05.2022	19:00	Spigelsall
Woch XI	donneschdes	05.05.2022	19:00	Spigelsall
(Woch XII	*méindes*	*09.05.2022*	*Opbau*	*Sound-, Videotechnik, Bün)*
Woch XII	dënschdes	10.05.2022	19:00	Prouf am Trifolion
Woch XII	mëttwochs	11.05.2022	19:00	**Generalprouf I**
Woch XII	donneschdes	12.05.2022	19:00	**Generalprouf II**

13., 14. a 15.05.2022 20:00 resp. 17:00: Virstellungen am Trifolion

Opféierungen a weidere Kulturhaiser si méiglech ...